

Kaiserslautern

Wéi fannen ech eng Wunneng?

Ët ginn puer Méiglechkeeten eng Wunneng zu Lautern zefannen:

1. Facebook-Säit oder Facebook-Membersgrupp vum LSK opsichen
2. Den LSK-Comité uschreiwen (per Mail oder Facebook; Adressen op www.lsk.lu)
3. Schwaarz Brieder un der TU oder un der HS
4. Studierendenwerk vun der TU oder der HS froen (déi verwalten d'Studentewunnheemer)
5. Internet (wg-gesucht.de; immobilienscout24.de, etc.)

Informatiounen zu den Studentewunnheemer um Kampus vun der TU kritt een bei der Umellung matgescheckt.

Platzen an de Studentewunnheemer sinn begrenzt an oft séier fort. Durchschnittlich Mietkäschten: 6,50€/m² bis 7,50€/m² Kaltmiete, d'Energiekäschten zu Lautern sinn relativ gönschdeg.